Eis Haaptaktivitéiten

Micro-Kredit

Wéi ass et lass gaangen?

De Félix, en Haitianer, war hei zu Letzebuerg op Besuch. Ech hu mech iwert seng flott Scoutsuniform gewonnert, a well ech wosst, daat een déi an Haiti net einfach sou ze kaafe kritt, hun ech hien gefrot, wou hien déi Uniform bitze gelooss hätt. Hien soot, den Estima hätt déi gebitzt. An hien hätt och seng Box gebitzt, déi hien unhuet, hien hätt all seng Box'en gebitzt.

Den Estima wär eben e gudde Schneider, hien hätt e Kolleg, deen hien e puer Mol an der Woch op seng Bitzmaschin giff loossen fir Kleeder zesummen ze bitzen. Leider hätt hien keng eegen Bitzmaschin, well déi ze déier wir.

Et lung also op der Hand, dee Mensch brauch eng Bitzmaschin, an da kann en säi Geld domat verdingen.

Geschwënn dono hu mir zu puer déi Iddi weidergesponnen, an mir waren eis sëcher waat mir wollten: Leit ënnerstëtzen déi eppes schaffe wellen, an wou et awer un der klenger Finanzsprëtz feelt fir unzefänken, egal op daat am Handwierk, Commerce, an der Landwirtschaft oder soss iechenteppes ass. Dës Finanzsprëtz sollt dann eben e klenge Prêt sinn, deen mat Zënsen zréckbezuelt get. De Bénéfice dovun get fir nei Krediter agesaat oder am soziale Beraich (z.B. Edukatioun) ërem investéiert.

Waat ass e Micro-Kredit?

An sougenannte manner entwéckelte Länner wéi Haiti (*) kënnt ët oft viir, datt aarm Leit kee Kredit op enger Bank kréien, well se keng materiell Garantien kënnen bidden. Si hun also nie d'Méiglechkeet fir hier Aktivitéiten auszebauen oder sech eppes Neies opzebauen.

An sou engem Fall kann dann e Micro-Kredit hëllefen, d.h. e klenge Kredit deen tëschent 50 an 300 Euro léien kéint. Den Demandeur brauch keng Garantien ze stellen, mee muss awer Zensen bezuelen.

D'Laafzait vum Kredit geet vun engem hallwe Joër bis zu 2 Joër.

D'Héicht vum Kredit muss ëmmer un déi jeweileg Aktivitéit ugepasst sinn. Et muss opgepasst ginn, daat den Demandeur sech net zevill héich verscheld, d.h. guer net fäheg ass fir de Kredit ofzebezuelen.

Wou schaffen mir konkret?

Mir hun 3 Leit ausgesicht, déi d'Vertriedung vun AAH an Haiti iwwerhuelen. Et sinn dëst 3 Leit, déi mir zënter Joëren kënnen a si hun eist vollsten Vertrauen, well mir schon um Niveau Scouten mat hinnen zesummegeschafft hun a schaffen. Eis "Agence Rivière Froide", d.h. de Lionel, de Félix an den Johnny kommen aus der Gemeng Carrefour an méi genee aus der Uertschaft "Rivière Froide". Dës Uertschaft leit un engem gréisseren Floss (deen t'selwëcht heescht) deen aus de Bierger erofkennt. Mir kennen Rivière Froide zimlech gudd an wëllen eis Aktivitéiten virun allem op dës Uertschaft konzentréieren. Rivière Froide ass eng Duerchgangsgéigend, wou ganz vill Leit aus de Bierger passéieren, déi hier Produits'en zu Port-au-Prince um Maart verkaafe wëllen. Aus der Ursach hun mir ganz vill Micro-Krediter verdeelt a kleng Epicerien, well déi duerch den Passage vun Leit ganz gudd fonktionnéieren.

(sou Länner sinn a punkto Menschlechkeet oft méi wait entweckelt wéi eis raich Länner)*

Waat ass bis elo geschitt?

Mir hun am Ufank vum Joer déi néideg Formulairen ausgeschafft, wéi den "Formulaire de Demande" deen en Demandeur vun engem Kredit muss ausfëllen an den "Contrat de prêt" deen am Moment vum Ausbezuelen vum Prêt ausgefellt get an vun beide Parteien ennerschriwwe get. Déi éischt Demanden waren séier do an sou sinn Ufank Juni déi éischt 28 Krediter ausbezuelt ginn, an zwar 18 Krediter zu 100 Euro mat enger Laafzeit vun engem Joër, 1 Kredit zu 80 Euro/12 Méint, 6 Krediter zu 60 Euro/8 Méint an 3 Krediter zu 50 Euro/6 Méint. Den Zënssatz war ëmmer 15%. Dëst schéngt eigentlech zimlech héich, mee eis haitianesch Frënn hun bekräftegt, dat daat sou bei hinnen wir. Et wär e gënchtegen Taux an wann deen méi niddreg wir, da giffen si matt Demanden iwerlaaf gin.

D'Zréckbezuelen vun deenen 28 Krediter huet Ufank August ugefangen.

Am Hierscht hun mir eng Lëscht vu weideren Demandeuren kritt, déi mir natierlech zu Lëtzebuerg genee ënnert d'Lupp geholl hun. 6 Demanden waren direkt an der Rei a sinn Ufank Januar ausbezuelt ginn.

Enn Januar waren 2 Leit vun eisem Komitee an Haiti. All Froën déi opstungen sinn ofgeklärt ginn, sou daat nach eng Kéier 64 Projet'en autoriséiert gin sinn. Am Ganzen hu mir vum Fréijoer 2005 bis März 2006 98 Micro-Krediter ausbezuelt mat engem Gesamtbetrag vun 10.515 Euro. Et muss een natierlech bemierken, daat d'Fongen heifir zu engem klengen Deel nés aus deem Dëppe geholl gi sinn, wou schon Krediter zréckbezuelt waren.

Während eisem Openhalt an Haiti, hu mir och der Agence hiert Keessebuch kontrolléiert, an mir hun mat Erstaune musse feststellen datt d'Zréck-bezuelen ganz gudd fonktionnéiert. Vun deenen 28 éischten Krediter waren nëmmen 2 Leit, déi net am Délai zréckbezuelt hun. Mir haaten mat vill méi Schwieregkeeten gerechent.

Eis Haaptaktivitéiten

Lekol - d'Schoul

An Haiti hun iwwer d'Halschent vun de Kanner net d'Chance fir kënnen an d'Schoul ze goën. Opwuel et eigentlech dem Staat seng Charge ass fir sech ëm de Schoulunterrecht ze këmmeren, klappt daat guer nët. Et gët e klengen Minimum vu staatlechen Schoulen, mee déi meescht Schoulen sinn a privaten Hänn oder ginn vun ONG'en oder kierchlechen Arichtungen gedroen. Am Prinzip muss da bezuelt ginn fir kënnen an d'Schoul ze goen, d'Bicher, Hefter asw. kaschten souwisou an eng Uniform ass och an Haiti virgesinn. An villen Familllen si keng Suen do fir d'Schoul ze bezuelen oder nëmmen fir en Deel vun de Kanner. Sou ginn se eben dann einfach net an d'Schoul. Déi logesch Follëg ass, dat méi wéi 50 % vun den Haitianer net liesen a schréiwen kennen.

Während eisem Openhalt an Haiti am Januar 2005 si mir gewuer ginn daat eis Frënn op der Rivière Froide eng Schoul opgemach hun. Si hun vum November 2004 un en Deel vun engem Haus gelount an hun mat 3 Schoulmeeschtern a Jofferen probéiert 50 Kanner ze ënnerrichten. D'Halschent vun de Kanner hun souguer ganz an der Schoul gewunnt, well doheem an de Famillen keng Plaz méi fir si war. An der Schoul huet et un alles gefeelt, keng anstänneg Bänken, keng anstänneg Toilett, keng Tafelen, kee Schoulmaterial, an virun allem keng Suen, fir de Kanner eppes z'iessen ze kaafen.

Mir hun probéiert ze hëllefen wou a wéi et méiglech war. Si kruten Suen zur Verfügung gestallt fir Mobilier ze kaafen, de Sanitaire an d'Réi ze machen, an och fir bessen didaktescht Material ze kaafen. Well mir während eisem Openthalt am Januar 2005 leider net genuch Zait haattten fir all Detailer ze klären, stungen nach ganz vill Froen op, virun allem a punkto Fonktionnéieren vun der Schoul. Mir wollten trotzdeem net blanne-männerchers zevill Suen an d'Schoul stiechen ouni méi Detailer ze hun.

Mir konnten eis dun daat Joer drop, am Januar 2006, op en Neits op der Plaz e Bild machen waat genee leeft. Leider hu mir missen feststellen daat déi Kanner, déi do gewunnt a giess hun, net méi do waren. Eis Frenn haaten leider net genuch Suen fir dëse Service oprecht ze erhaalen. D'Schoul selwer dogéint, huet nach emmer gudd fonktionnéiert, d'Kanner-zuel war vun 50 op 70 eropgaang.

Mir hun eis dës Kéier ganz vill Zait fir d'Schoul geholl, an vill Stonnen mat hinnen diskutéiert, fir ze kucken wéi mir déi Schoul an Zukunft organiséieren, respektiv finanzéieren kënnen. Et sinn u sech 5 verschidde Klassen, en 1. an 2. Spillschoul, en 1. an 2. Primärschoul, an eng "Classe spéciale". Daat sinn Schüler, vun jonk bis schon bësse méi aal, déi nach kee Wuert liesen a schréiwen kënnen, an duerfir en speziellen Unterrecht brauchen.
D'Schoul huet och en Numm kritt (Ecole Le Reformiste de Rivière Froide) an si sinn amgaang mat hirem Ministère de l'Education ze verhandelen fir als offiziell Schoul unerkannt ze ginn.

Mir haaten am Dezember 2005 e ganz décken Don kritt vum Krëschtbazar vun de Steeseler Schoulkanner. Dës 6.400 Euro sinn geduecht fir d'Schoul op der Rivière Froide ze ënnerstëtzen. Eis Iddi ass fir dës Suen no engem Patenschaften-system ze investéieren. Duerfir hu mir mat eise Frënn op der Plaz e Budget opgestallt. Et brauch een ongeféier 6 Euro pro Mount pro Kand (bei 70 Kanner) fir d'Frais de fonctionnement vun der Schoul ze decken (Salairen, Bicher, Hefter, Kräid, Botzen, asw). Desweideren hu mir ausgerechent, waat d'lessen fir een Kand pro Mount giff kaschten, an zwar +/- 19 Euro. Mat 25 Euro de Mount kéint een also engem Kand d'Schoul plus eng waarm Molzecht pro Dag bezuelen.
Mir wärten an deene nächste Méint probéieren déi Patenschaften ze organiséieren an fir d'Zukunft d'Schoul esou finanziell droen ze kënnen.

Eis Finanzen an e puer Wuert iwwer Haïti

Agence «Rivière Froide»

Lionel BELIZAIRE
35 Joër

Félix ETIENNE
38 Joër

Johnny LABORDE
29 Joër

Action Avenir Haïti

41a Mtée Willy Goergen
L-7322 Steinsel

contact: aah@haiti.lu

Dépensen

Um Graphique sin alleguerten d'Dépensen regruppéiert, déi am Laaf vum Joër 2005 getätëgt gin sin.



D'Dépense «Urgence» ass matt iwwer 30% een relativ groussen Chiffer, mee daat ass doduerch bedingt datt fir deen Beräich eng extra Recette do ass. Matt deenen Suën gin Leit ënnerstëtzt, déi se ganz dringend brauchen.

Haïti

Haïti, daat ärmsten Land vun den mëttelamerikanëschen Inselen deelt sech d'Insel «Hispaniola» mat der Dominikanëscher Republik.

Ekonomësch ass Haïti haut total zerstéiert. Entwecklungshëllef kënnt nëmmen lues virun, well säitens vum Staat keng Ennerstëtzung do ass.

D'Leit sinn op sech gestallt an sou gesinn och Zuelen aus:

- **62%** ënner an eesäiteg ernährt;
- **70 %** arbëchtslos;
- **50%** Analphabetismus;
- **54%** ouni Zougang zu Drénkwaasser

Am Februar 2006 waren Wahlen, wou de René Préval ass Gewënner erfirgaangen ass, an hien soumatt den neien Präsident gët. No Joëren vun Gewalt, Ennerdréckung a Korruptioun ass déi haitenech Populatioun frou iwwer dësen Ausgang, an hofft elo op eng besser Zukunft.

Eng Associatioun stellt sech fir…

AAH - NEWS

Dir Dammen,
Dir Hären,

Virun engem Joër hun e puer Leit eng nei Vereenegung gegrënnt, mam Zil an Haiti ze hëllefen. D'Virgeschicht vun der Asbl Action Avenir Haiti as net esou einfach an e puer Wieder z'erklären. Si huet vielleicht schon 1991 ugefaang, wéi e Grupp Mierscher Guiden a Scouten mam Paschtouer Romain Ney an Haiti gefuer ass, fir e konkreten Projet ze realiséieren. An de Joëren no '91 waren et dun déi Luerenzweiler Guiden a Scouten, déi sech bis haut ganz stark an Haiti engageiert hun.

Mir hun am Laaf vun de Joëren e Land kennegeléiert waat zu den ärmsten Länner vun der Welt gehéiert, a waat wirtschaftlech an oekologech ruineiert ass. An de leschten zwee Joër huet Haiti dann och nach politesch an durch Emweltkatastrophen vill gelidden. Aus der „Pärel vun den Antillen", wéi de Kolumbus se bei der Entdeckung genannt huet, as e riesegen Slum gin an dat virun der Dir vun de sougenannten Entwecklungslänner. Dëst as déi eng Säit vun Haiti....

Déi aaner Säit vun Haiti gesäit een eréischt dann wann een e puer mol do war an Land a Leit besser kennenléiert. Mir hun an de leschte Joëren vill Leit kennegeléiert, déi eis ëmmer ganz härzlech an hiere Famillien opgeholl hun. Haiti huet vill Leit déi sech engageieren wëllen , déi fir eng besser Zukunft an Haiti schaffen wëllen. Ech wëll hei vun dëser Geleegenheet profitéieren an dem Lionel, Felix an Jhonny Merci soen fir déi gudd Zesummenaarbecht am leschte Joër. Si hun ganz vill fir AAH geschafft, hun Projet'en gesicht, Rapport'en geschriwwen a sëch ëm d'Finanzen dohannen bekëmmert. Ouni hier Hëllef keinten mir nët op e positivt éischt Joer zréck kucken.

Eist éischt Joer huet bewisen, dass et meiglech ass mat enger klenger Hëllef (Microkrediter) de Leit Meiglechkeet ze gin, fir ze schaffen a sech eng eegen Existenz opzebauen an esou hiren Famillen en menschewürdegt Liewen ze garanteieren. Matt engem Satz kann een ganz gudd Zilsetzung vun AAH beschreiwen.

«Quand un homme a faim, mieux vaut lui apprendre à pêcher que de lui donner un poisson…»

Waat maachen mir?

- Ennerstëtzen vun klengen Entreprisen an Handwierker durch Microfinancement.
- Ennerstëtzen vun enger Schoul fir Kanner vun mannerbemëttelten Elteren.

Dëst as just e kuerzen Iwwerbléck iwwer eis Aarbecht am vergaangene Joër.

Zum Schluss wëll ech awer alle Leit déi eis am leschte Joër finanziell oder materiell ennerstëtzt hun, e grousse Merci soen fir hiert Vertrauen an de Comité.

E grousse Merci gëllt awer och de bénévolen Leit aus dem Comité, déi vill Zäit an Engagement an Asbl stiechen.

An der Hoffnung op e weidert erfollegräicht Joer 2006 fir AAH.

Tom Lahr

Präsident
Action Avenir Haiti